LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, et de Monsieur le ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, Claude Haagen, à la question parlementaire n°6430 du 30 juin 2022 de Messieurs les Députés Gusty Graas et André Bauler au sujet de la baisse de la consommation des produits biologiques**

**1.-3.)**

All Joer sammelt de Statec iwwer seng permanent Ëmfro zum Haushaltsbudget (enquête permanente sur le budget des ménages - EBM[1]) d'Zomm vun den Ausgabe fir Liewensmëttel vun de Lëtzebuerger Stéit, och den Montant vun den Ausgabe fir Bio-Liewensmëttel gëtt esou erhuewen. D'Donnéeën op déi de Statec sech fir d'Aschätzungen hei drënner berifft bezéien sech just bis op d'Joer 2021, et sinn nach keng méi rezent Donnéeë verfügbar well d'Ëmfro zum Haushaltsbudget 2022 nach amgaangen ass, déi Resultater wäerten net virum Fréijoer 2023 kenne publizéiert ginn.

An der Publikatioun „Regards" No 12 vun 2020[2] war duergestallt ginn dass den duerchschnëttleche Bio Undeel vun den Ausgabe fir Liewensmëttel vun de Lëtzebuerger Stéit am Joer 2018 12% war, woubäi et wesentlech Ënnerscheeder gëtt ofhängeg vun der Aart vu Produkt oder dem Akommes vum Stot. Déi beléiftste Bioproduite bei de Konsumente si Liewensmëttel fir Bëbeeën, Hunneg, Eeër, Miel a Kären, Mëllech an Uebst a Geméis.

Méi rezenten Donnéeë vun der EBM weisen datt dësen Trend iwwert d'Zäit zimmlech stabil bliwwen ass: et waren 12% am Joer 2019 an 11% am Joer 2021. Fir 2021 ass also just eng ganz liicht Baisse vum Undeel vun Ausgaben fir Bioliewensmëttel festgestallt ginn. Och d'Variatioune jee no Produktkategorie an Akommes vum Stot sinn stabil bliwwen.

**4.)**

D'Biobauere si vun der aktueller Praisdeierecht änlech betraff wéi déi konventionell Betriber, d'Produktiounsmëttel wéi Fudder, Mazout, etc. si fir all d'Betriiber an d'Luucht gaangen.

**5.)**

Op laang Siicht wäerten sech déi Liewensmëttel um Maart duerchsetzen, déi een nohaltegen Impakt hunn. D'Bioproduite sinn do gutt opgestallt.

**6.)**

Am Kader vum neien Agrargesetz gi Mesuren aus dem aktuelle Plan d'Action National, kuerz PAN-Bio weidergefouert. Des Weideren ass virgesinn, dat d'Ställ fir Investitiounsbäihëllefen nëmmen dann eligibel si wann se d'Norme vun der Biolandwirtschaft erfëllen. Domadder soll fir den eenzele Betrib d'Decisioun fir ob Biolandwirtschaft ëmzeklamme vereinfacht ginn.

Luxembourg, le 05/10/2022

Le ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot

---

[1] https://statistiques.public.lu/fr/enquetes/enquetes-particuliers/budget-menages-conditions-vie.html

[2] https://statistiques.public.lu/dam-assets/catalogue-publications/regards/2020/regards-12-20.pdf